

## ANNE SCHROEDER

Ganzer 6 mol ass d'Anne Schroeder mam Lëtzebuerger Filmpräis ausgezeechent ginn. Du jamais vu.

Mee lo mol der Rei no.

Wien ass dann iwwerhaupt des Fra?

D'Anne Schroeder ass Realisatrice a Produzentin.

Ech hunn se erlieft an eisem liewege Gespréich als wibbeleg, virwëtzig a passionéiert. D'Passioun fir d'Filmbranche koum allerdéngs méi spéit. Well ufanks war Molen an Zeechnen hir Passioun.

Si war ëmmer schonn ee kleng Kënschtler, huet als Kand gemoolt, ee Naturtalent, wat an de Summercoursen nieft Erwuessenen am Grupp geschafft an erschaf huet. Och Fotografie huet si mat 11 Joer a Summercoursen geléiert: d'Richtung war eigentlech duerno kloer virgezeechent, an de Choix séier gemaach: E-Spektioun am Michel Rodange.



D'Anne ass sech eng gutt Zäit viru Première verschidden Konschtacadémien ukucken gaangen: Wien, Düsseldorf, an huet dobäi erausfonnt (a nëmme gutt) dass dat net hires wier.

Do stellt sech dann elo d'Fro: wéi ass si dann iwwerhaupt op de Film opmierksam ginn?

D'Anne hat ee coole Monni, den Fernand Jung, deen zu München gelieft huet, a vu Beruff Filmpublizist war. D'Anne hat d'Chance mat him op Tournagen vun experimentelle Filmer (an de 1980er) derbäi ze sinn, an huet deemools de Film als Alternativ zum Zeechnen an zur Molerei entdeckt.

An der Equipe zesummeschaffen, Saachen aus verschiddearten Domainen zesummesetzen, Bildarbecht a Schreifaarbecht, a finalement

d'Koordinatioun vun deem Ganzen. Dat war et, an d'Anne wusst op emol ganz genee a wéi eng Richtung et misst goen.

Di élitäre Szene vu München war allerdéngs net sou hir Saach.

Wéi den CNA zu Diddeleng gegrënnt gouf, huet d'Anne vun der Geleeënheet profitéiert fir während engem Stage ze léieren Filmer ze schneiden. Eng belsch Monteuse, di Proff op der Héichschoul IAD zu Louvain war, huet erkannt dass d'Anne Talent hätt, an si encouragéiert an di doten Richtung ze goen.

Mee sou einfach war dat net. Do huet ee mol fir unzefänken missen eng Opnahmeprüfung bei der Filmhéichschoul INSAS maachen. Sou eppes zitt sech iwwer Méint, alles geet an Etappen (Analyse vu Filmextraiten, Dréibicher schreiwen, Fotoe maachen, Entretien iwwert sech ergoe loossen), an et weess een am Ufank net ob een herno derbäi ass. 1200 jonk Leit hunn sech dësen épreuves gestallt, a grad emol 40 sinn der ugeholl gin.

Parmi les élus: d'Anne Schroeder.

D'Anne war ukomm. Et war den Ufank vun engem laangen an haarden Wee. D'Anne huet zu Bréissel op der nationaler Filmhéichschoul studéiert.

Si huet alles geléiert: vun der Iddi, zum Konzept, bei d'Schreiwen, d'Filmsprooch, d'Belichtung, den Toun an d'Dréinen, den Filmschnitt an d'Postproduktioun.



E Realisateur brauch natierlech och ee Produzent, an eréischt mi spéit kommen aner Leit mat bäi. Fir d'Anne war et kloer, dass si wollt Documentaire maachen, Konschtfilmer an Animatiounsfilmer.

Si ass och selwer Produzentin.

D'Anne Schroeder wollt onbedéngt wëssen wéi een an deem Secteur weiderkëent an iwverlieft. Et war net einfach, a ganz besonnesch net wann een elengerzéiend ass.

Zanter 1994 schafft si fräiberufflech an dierf mat Houfert op eng selleche Produktiounen a Realisatiounen zréckkucken:

- Schwaarze Mann-un noir parmi nous
- Eldorado-iwwert di Lusophon Immigratioun
- Orangerie-iwwert d'Psychiatrie zu Lëtzebuerg
- Bauereblues-iwwert d'Landwirtschaft an eisem Land
- Weilerbaach –wou d'Flüchtlingen am Mëttelpunkt stinn
- Ueber Wasser-Thematik vun der Raritéit vun den weltwäite Waasserquellen
- Ligne de vie-iwwert d'sans abris



an nach vill anerer: meeschtens deemno Documentairen/Filmer mat engem sozio-politeschen Hannergrond, oder carrement artistesch Filmer.

2001 koom hiren éischten perséinlechen Dokumentarfilm „Histoires de jeunesse“ eraus, dee si mat Samsa zesummen produzéiert a realiséiert huet.



„Histoires de femmes“, aus dem Joer 2018, ass änlech op Basis vun perséinlechen Erzielungen an Familljefilmer entstanen. Een onmoosseg laangen, kreative Prozess. Si huet 130 verschidden Sourcen gehat, kleng Extraiten vu Fraen aus aller Welt, an huet dorausser ee Film geschaf.

Heiranner geet et em d'Evolutioun vun de Fraerchter, an em d'Emanzipatioun vun de Fraen en général. Dësen Film representéiert an den nächsten Méint Lëtzebuerg op enger Tournée duerch d'asiatesch Länner an gëtt an verschiddenen japaneschen Kinoen am Abrëll gewise.

An dee nächste Projet steet vrun der Dier: am Laf vum Joer 2021 kënt e Film eraus iwwer Pionnierfraen vu Lëtzebuerg. Fraen, déi an hire jeeweilegen Aufgabefelder

Virreider waren: Colette Flesch, Christine Majerus, Désirée Nosbusch, Vicky Krieps a nach 8 anerer. Spéitstens mat der Ouverture vum Lëtzebuerger Pavillon op der Weltausstellung zu Dubaï ass dësen Film dann fir d'ganz Welt ze gesinn.

Fir d'Anne ass eppes sécher: hire Beruff ass hiren Hobby.

Oder och ëmgedrëit: hiren Hobby ass hire Beruff.

Donieft mécht si alles gären wat mat Konscht a Kultur zesummenhängt: Billerausstellungen oder och Theatervirfëierungen besichen. Selwer kuckt si am léifsten Documentairen, franséisch Autorefilmer, an huet natierlech kee Lëtzebuerger Film verpasst.

Duerch d'Familljenhaus war si vu Kand un politesch interesséiert. An dat koom hir bei den Documentairen natierlech zegutt: politesch, wirtschaftlech, sozial an historiesch Aspekter sinn allermeschtens an hire Filmer erëmfannen.

Anne Schroeder, villmools Merci fir den Exkurs an d'Filmwelt, eng Welt fir sech, eng spannend Welt.

Informatiounen zu den Filmer allgemeng op:

[www.samsa.lu](http://www.samsa.lu)

Zu Histoire(s) de femme(s): <http://www.samsa.lu/portfolio/histoiresdefemmes/>

Déi duebel DVD mat Histoire(s) de jeunesse(s) an Histoire(s) de femme(s) plus Bonus kann een op <http://eshop.cna.public.lu> bestellen oder direkt beim Anne Schroeder [atjschroeder@gmail.com](mailto:atjschroeder@gmail.com) fir 15 €.

All d'Lëtzebuerger Dokumentarfilmer als VOD sinn op [www.sooner.lu](http://www.sooner.lu) ze fannen.

Françoise Hetto-Gaasch

Kulturschaffén